



N°7112  
Entrée le 03.11.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 03.11.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/11/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Nodeems de Cannabis Ueleg (250 Flaconen am November 2021) fir d'éischt huet missten op seng Qualitéit gepréift ginn, konnt en duerno un d'hospitaliséiert Patiente verdeelt ginn. Eisen Informatiounen no gëtt den Ueleg mëttlerweil un weider Patiente verdeelt, mee op Uweisung vum Ministère nëmmen un nei Patienten, well d'Quantitéiten un Ueleg net grouss genuch sinn. Eng Klinik huet eis bestätegt, dass d'Quantitéite vu Cannabis Ueleg ze limitéiert wieren, fir se un all Cannabis-Patient ze verdeelen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesesch bestätegen, dass de Ministère d'Uweisung ginn huet, den Ueleg just un nei Patienten ze ginn?
2. Fënnt d'Ministesesch net, dass heimat eng Zwouklassemédezin entsteet, déi nei Patiente géigeniwwer ale Patiente bevirdeelegt?
3. D'Ministesesch huet an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 6864 erkläert, dass een d'Konsummationszuele vum September géing ofwaarden, fir nei Bestellungen fir de Cannabis Ueleg.  
Huet d'Ministesesch dës Zuele mëttlerweil?
  - Wa jo, si schonn nei Bestellungen getätegt ginn?
  - Wa nee, wéini sollt de Ministère dës Zuele kréien?
4. Falls mëttlerweil weider Bestellungen un Cannabis Ueleg getätegt gouf, wat fir Quantitéite goufe bestallt a wéini sollen dës viraussichtlech geliwwert ginn?
5. Wat fir ee Stock un medezineschem Cannabis (opgelëscht no de Bléienaarten an Ueleger) huet Lëtzebuerg momentan (Stand 1.11)?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

---



CLEMENT Sven  
Deputéierten

